# Sei Portrait.

(Jull, e Bo'f vun 10 Joer, kent an den Atelier vun engem Photograph eran, an huot en halleft Magaseng opgeluoden: En hölzent Pèrd, eng Flent, en Auto, e Strôsserènner, e Football, e Billerbuch, e Baukasten, eng Tromm, a. s. v.)

*Valli:* (dem Photograph sei Bedengter.) So', mei Jong, do ass dem Hèr sein Atelier. Huol der en Ableck Plâtz, den Hèr ass gleich hei.

*Jull:* Merci! A la bonne heure! Elo wär ech emol hei! Eist Gre't sot, sie ge'we mir de Porträt mat de Fe'ss zur Dir eraus mâchen! Ma, dé Jong war jo ganz gentil! Ech si wîrklech fro', dass ech kom sin! Hätt ech alt nach e puor Sâche matbruocht. Soll dat elei wîrklech genug sin fir e sche'ne Porträt ze mâchen? Wat wèrd eist Gre't elo Ae mâchen, wann ech mat dem Bild kommen! (Hie luod of a setzt sech.)

*Photograph:* Bonjour, Monsieur!

*Jull:* Monsieur, bonjour och! We gêt et dann? (Wöllt em d'Hand gin.)

*Photograph:* Dat ass kê Gebrauch hei. Wat hätt dir gèr?

*Jull:* Ma mei Porträt, wat eng Fro, oder verkaft dir och Coteletten a Schongstréckelen?

*Photograph:* Ech konnt dat net richen! Wat fir e Porträt soll dat da sin?

*Jull:* Wat hêscht dat? Ma natirlech *mei* Porträt, a net dé vun eisem Gre't, dat ass jo net hei!

*Photograph:* Flütt! Dat wêss ech! Get et nemmen de Kapp oder de ganze Mann?

*Jull:* Watt eng Fro! Alles kent drop! Et mèngt ê grad meng Fe'ss wäre neischt fir ofgezun ze gin.

*Photograph:* Gutt, also de ganze Mann! Op enger Postkart oder Kabinett?

*Jull:* Wat ass dat da nammel?

*Photograph:* Sapristi! Postkârt ass einfach a bölleg, Kabinett fein andeier.

*Jull:* E feine Jong soll fein ofgezu gin. Also so' fein we' der könnt.

*Photograph:* A wuofir ass dé Bazar do dann?

*Jull:* Ma dé ke'm och gèr op de Porträt.

*Photograph:* Himmel ste' engem bei!

*Jull:* Hieft kèng Angscht, et get net ze schwe'er, ech elèng hun et gedroe vun dohém bis heihinnen.

*Photograph:* Ech soen iech elo vu virof, bei dém Porträt lôsst dir mech elèng gewèrden.

*Jull:* Ech muss derbei sin, soss wöll ech net.

*Photograph:* Klor, dir sit och derbei, mè ech si Mêschter hei, vir ....

*Jull:* Nên, ech si Mêschter, wèll et get *mei* Porträt.

*Photograph:* Selbstverständlech, mè elo halt dir de Mond a lôsst mech gewèrden bis de' Affär geschitt ass.

*Jull:* Dat wär iech kamo't! Dann ass et jo ze spe't, wann èppes mir net gefällt.

*Photograph:* Ma da mâcht dir e sèlwer! Nu jé, lôsse mer emol range'ren. Setzt iech dur op de Stull. (Werft all Musek an den Eck.) Dovu kent neischt drop.

*Jull:* Pardon, dat si meng Sâchen.

*Photograph:* Ech soen, et kent neischt drop.

*Jull:* An ech soen, et kent alles drop.

*Photograph:* Nun nach ê Wûrt, da könnt der hêm goen.

*Jull:* Dajé alt. (Setzt sech op de Stull.)

*Photograph:* (range'ert) Strèckt dat Bên net eso' ewèg! Dréckt de Bauch net eso' eraus! Halt de Kapp me' rîcht! Mâcht de Mond zo'!

*Jull:* (spréngt op) Elo hun ech dés Kabes grâd genug! — Dat muss iech dach ganz égal sin we' ech kucken a setzen. Nu se'er de' Maschin erbei, soss ass geschwenn ên net me' hei.

*Photograph:* Männchen, dir geschitt eng! (Gêt den Apparat sichen.)

*Jull:* (trommt erem alles erbei) A wann ech soen, et kent op de Porträt, da kent et drop. Wat ge'f eist Gre't lâchen wa neischt dervun drop wär. (Hie range'ert sech sèlwer.) Eso' kritt ên dach Schein!

*Photograph:* (mam Apparat) O Mammele!!

*Jull:* Nu jé en route!

*Photograph:* Wârt, hei ass nach èppes! (Get him e Biésem an d'Hand.)

*Jull:* Brengt dir nemen erbei dat kascht jo net weider!

*Photograph:* Dén Zylinder hei mecht och nach ganz gutt!

*Jull:* Ma natirlech, et ass kêmol zevill.

*Photograph:* Eng Strènz an de' aner Hand, dat ass fein fir de Schêd!

*Jull:* A la bonne heure, jo, do hat dir eng fein Idée, Hèr Porträtsmann. Wat wèrd eist Gre't Ae mâchen!

*Photograph:* Hei hu mer nach eng Meisfâl. Bei de Fe'ss mecht de' fein.

*Jull:* Donnerknippche jo, wat wèrd eist Gre't kucken!

*Photograph:* Hei de' Eerpân um Scho'ss, dat get e Wonnereffekt!

*Juli:* Durun hätt ech net geduocht! O Gre't! Gre't — Huot der neischt me' fir an de Mond, Hèr?

*Photograph:* Mè, hei hu mer d'Affär. E Wècker! Dat wîrkt gro'ssarteg. Nun opgepasst! Sche' gekuckt, net bèrluckt. Weis net d'Zänn, ro'eg d'Hänn, net gemuxt ... Attention!

*Jull:* Hèr ...

*Photograph:* Mond zo'!

*Jull:* Hèr, wârt Hèr, ên Ablack, ech muss nach ausgoen.

*Photograph:* (knippst) Laft wuor der wöllt. (An dém Momènt kent d'Gre't, seng Schwester eran.)

*Valli:* Do setzt en!

*Gre't:* Gott am Himmel!

*Jull:* Geseis de, den Hèr huot mer nach erbei bruocht!

*Gre't:* Ma du Schwob, dén huot de Gèck gemâcht.

*Jull:* Wat huot e gemâcht! Mei Porträt huot e gemâcht.

*Gre't:* Et wèrd dach net sin!

*Jull:* Ha, do an der Kescht setzt en!

*Photograph:* An a meng gro'ss Fenster kent e stoen, dass all Mensch soll gesin was du fir en Efalt bass!

*Jull:* Mèngs de Gre't, hien hätt de Gèck mat mer gemâcht?

*Gre't:* Nemen de Gèck, an 't ass der gutt! Hopp eraus mam Bazar! —

